

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box	
Bestell-Nummer:	13009LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidistéck:	3 Akte
Bünebiller:	1 Baurekichen
Spildauer:	+/- 90 - 100 Min.
Rollen:	9
Frauen:	5
Männer:	4
Rollensatz:	10 Hefte
Preis Rollensatz	149,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13009LU

E Kouhandel mat Problemer

(Kaméidistéck an in 3 Akten

vum

Carsten Lögering

iwwersat vum

Jos Weimerskirch

Inhalt

D' Famill Bolmann wunnt um Land a féiert e landwirtschaftleche Betrib. De Bauer Benno mécht sech just ëm säin eenzege Jong Jannes Suergen dee sech wéi et schéint net sou richtig fir dat weiblecht Geschlecht intresséiert. Dramatesch gëtt di ganz Situatioun wéi sech di erzkathoulesch Giedel Edda ukënnegt, dat scheinbar d' Iewverhältnisser gereegelt hätt. Fir de Benno ass alles kloer dass de James spéider d' Milliounen ierwen soll Den Haff wier doduerjer aus de Scholden an de Benno wier och der ganzer Aarbecht lass. Mee verierft di erkonservativ Tatta d' Geld engem Frae scheie Jonggesell ..? Dem Benno eng Léisung kënn vum Militär. Wéi den Zoufall et wëll, hunn d' Zaldoten grad e Manöver virum Benno sengem Aussiedlerhaff. De Benno an dee liicht korpulente Majouer schmidden e hannerháltege Plang deem him d' Milliounen vun der Tatta garantiere sollten. Mee de Plang ass vun Onwarscheinlechkeeten knapps ze iwwerbidden. Et entsteet eng rasant Handlung mat en etleche Mëssverständniss bei deenen di zwee vun enger Tropeschkeet an di aner kommen an de Chaos an den duercherneen perfekt ginn.

spillt zu der haiteger Zäit

Bühnebild

D' Stéck spillt an der Bauere Kichen vun der Famill Bollmann. D' Bühn brauch 3 Dieren. Vir lenks den Agang, Vir riets d' Dier zu den aneren Zëmmeren Hannen d' dier fir an de Stall. D' Fënster ass hannen un der Mauer. Virun der Fënster steet e klenge Canapé. An der Mëtt ass en Dësch mat 3 Still. Riets ass eng kleng Kachnisch mat Frigidaire. Ausserdeem brauch d' Bühn en Telefon.

Persounen

Persounen	Beschreiwung	
Auguste Wegener	En al moudesch denkende Bauer. Enh ass liddreg an zur gläicher Zäit och choleresch. Et ass een deen e "luest" Gehier huet	
Ketty Wegener	Seng fläisse Fra ass de geneeën Géigendeel vun him	
Claude Wegener	Dem Bauer säi Bouf, "éiwege" Student, zënter Joren Jonggesell Am Ufank vum Stéck muss hien laang Hoer hunn	
Paschtouer Pierre Jovial	Geld gierege Paschtouer	
Tilly	Virwëtzig Häerekächin, leeft vum Beschass	
Elise Von Meinburg	Räich al Giedel vum Jannes Bollmann	
Majouer Schulz	Zaldot am Manöver, sportlech awer och fermem Korpulent	
Zaldot Ryan	Zaldot aus dem Majouer Schulz senger Kompanie	
Romaine Hypokrit	Hausdoktesch	

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Akt 1

Optritt 1 Auguste, Ketty

(D' Riddo geet op an d' Ketty kënnt mam Auguste op d' Bün. Den Auguste huet e Stapel Bréiwer an der Hand a sëtzt sech un den Dësch. Um Dësch steet eng Drëpp a Glieser. D' Ketty geet an d' Kachnisch a mécht hir Hausaarbecht.)

Auguste: *(kuckt d' Bréiwer duerch)* Rechnunge, Rechnunge, Rechnunge.... *(e fëllt sech en Drëppeglas an drénkt)*

Ketty: Hal op ze soueren. Esou schlecht geet et eis och nees net.

Auguste: *(mécht de nächste Bréif op, dann ausser sech)* Waaaaat ? Dausend Euro, fir di puer Somkären. *(fëllt sech nees e Glas)* Di Gauneren.

Ketty: *(gesäit dat)* Alkohol ass net gudd fir de Bluttdrock, seet d' Madame Dokter Schmit *(schiebt séier d' Drëppeglas zeréck)*

Auguste: Quatsch! Déi al Toz huet guer keng Anung ... *(jéimert)* Dausend Euro wéist deem Bëssen.

Ketty: Beroueg dech dach. Maer mussen all liewen ...

Auguste: Jo dat musse maer. *(drénkt d' Drëpp)* Mee fir wat muss ech hei um Haff di ganz Aarbecht allen maachen? Maer hunn dach en ausgewuessenen Bouf a wat mécht deen ...? Den hallwen Dag spillt hien mat eise Kazen an di aner Hallschent vum Dag sëtzt hien a seng Kummer a spillt um Computer. Heiansdo froen ech mech ob s du bei deem senger Erzéiung alles richteg gemaach hues.

Ketty: Wat wëlls du domadder soen?

Auguste: Ma lo wéi soll ech soen. *(iwwerleet)* Weess de e gött ëmmer méi wéi mäi Brudder dem Heini dee mat 30 Joer op d' Mier gefuer ass, an deen hat zum Schluss, soe maer emol virsichteg ausgedréckt, "Aner Neigungen".

Ketty: Du mengs en ass ...

Auguste: *(ënnerbrécht)* Jo wat fir? En ass schwul ...

Ketty: *(streng)* Auguste esou eppes wëll ech net héieren. Nëmme well de Claude nach studéiert an och soss och aner Interessen huet wéis du.

Auguste: Jo, kënnt Daer dat da net komesch fir, dass eise Jong nach ni e Meedchen mat Heem bruecht huet

Ketty: En ass net esou wéis du. En entwéckelt sech halt méi spéit. *(streng)* An elo schwätze maer vun eppes aneren. Ech wëll näischt méi dovunner héieren

Auguste: *(mécht de nächste Bréif op)* O nee, *(e liest)* deuxième et dernier rappel ... *(schëtt sech nees eng Drëpp aus)*

Ketty: *(sarkastesch)* Ma super, dann héiere maer näischt méi vun deenen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Auguste: *(laacht falsch a mécht de nächste Bréif op)* O Nee. Lo kréie maer och scho Rechnungen vun Antwerpen.

Ketty: Antwerpen?

Auguste. Halt Stopp. Dat ass keng Rechnung. Et ass a Bréif fir de Claude vun enger Fra Elise de Wilde d' Anvers *(iwwerleet kuerz)* Kenns du dat?

Ketty *(generft)* Dat gött et dach net. Bass Du haut ouni däi Verstand opgestan? D' Elise ass dach d' Dafgiedel vum Claude! Däi Brudder Heini hat sech dach hei mat hir viru 40 Joer bestuet. Deemools hat et nach Elisateth Müller geheescht. Nodeems den Heini "Anescht" gi war, hat d' Elise ... dat hat ech scho ganz vergiess, sech dach mam Comte de Winne d' Ostende bestuet.

Auguste *(iwwerleet)* Richtig. Elo erënneren ech mech. D' Elise ... ech hat dat schonn ganz vergiess. De Comte dee war dach kuerz derno gestuerwen an huet hir den Titel an d' Mouk hannerlooss *(liest weider)* So, d' Elise wëll heihinner kommen an dem Claude dringend a wichteg Noriichten iwwerbréngen. *(iwwerleet, dann wéi vum Blëtz getraff)* So, lauschter emol d' Elise ass dach och net méi esou jonk, sécher kënnt dat heihinner fir dem Claude matzedeelen, dass hien herno d' Suen ierwe wäert. *(jäizt volle Freed)* Juhu!!!! Maer sinn all eise Suergen an der viller Aarbecht lass.

Ketty: Elo emol net esou séier. *(setzt sech un den Dësch a liest de Bréif)* Merde, ech mengen du hues recht. *(iwwerleet)* Dovunner kann ee sécher dat eent an dat anert Geld kréien ... *(drénkt dem Auguste seng Drëpp)* D' Elise ... dat war dach ëmmer en sou kathoulesch Persoun.

Auguste Richtig, di helleg Elise hu maer et ëmmer genannt. Den Heini an d' Elise dat war schonn eng komesch Koppel. Den Heini ass an all Hafen an d' Wirtschaft gaang fir do ze saufen, an d' Elise huet doheem gebiet, dass den Heini gudd Heem fënnt. *(laacht)* De Claude ass eise Goldjong *(steet op)* Da fueren ech elo emol an d' Stad a bestelle maer, op Verdacht, e neien Daimler ... du fidders an der Zäit d' Schwäin *(geet lenks vun der Bün)*

Ketty, So vill zum Thema, wien hei alles um Haff "aleng" maache muss. *(geet och vun der Bün)*

Optrëtt 2 Paschtouer, Tilly

(et klappt un der Dier. De Paschtouer Jovial a seng Härekächin Tilly kommen op d' Bün)

Paschtouer: Gudde Moien der Herrschaften. *(kuckt ëm sech)* Eu

Tilly: Keen do? All am Stall? Déi sinn dach soss net esou fläisseg!

Paschtouer: Wgl. berouegt Aech.

Tilly: Ech gleewen net, dass d' Wegener en Don fir di nei Uergel oder fir de Kierchefong maachen. Deen alen ass méi gäizeg wéi e Schott. *(ëmkuckt sech virwëtzeg a setzt sech un den Dësch wou et mat de Bréiwer weiderfiert)*

Paschtouer: Wgl. Gidd Aech dach.

Tilly: Rechnungen.... näischt wéi Rechnungen.... *(gesäit d' Fläsch)* A natierlech bëllegen Alkohol.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Paschtouer: (mahnt) Tilly, eiser Haer gesäit alles.

Tilly: Nee, ass den och esou virwëtzeg? (*kuckt weider an de Bréiwer*) Wat ass dat? E Bréif vun Antwerpen Vum Elise de Wilde, dat kennen ech. Dat kënnt vun hei aus dem Duerf.

Paschtouer: Tilly, lo halt op mat dëser Schnoffelerei.

Tilly: Hei kucktemol. (*weist de Bréif dem Paschtouer*) D' Elise ass elo räich. Si ass d' Dafgiedel vum Claude a wëll hier lerschaft sécher bekannt ginn.

Paschtouer: (*kuckt an de Bréif*) Hellege Johannes. Dat kënnt genau richtig.

Tilly: (*mécht de Paschtouer no*) Haer Paschtouer, ... de léiwe Gott gesäit alles.

Paschtouer: (*kuckt séier entzwooch anescht hin*) Ma ... et wäer jo fir e gudden Zweck. Bedenkt, och de Claude ass e Kand aus eiser Por. Wat wier dat en Zeechen fir di aner am Duerf, wann de jonke fromme Mann e groussen Don mécht?

Tilly: Jonk, mee ... fromm Haer Paschtouer? Wësst Daer wat hei am Duer iwwert de Claude verzielt gëtt?

Paschtouer: Nee wat?

Tilly: Ma jo? Wéi soll ech et soen? (*iwwerleet*) e soll, e soll ... e soll verkéierterem sinn.

Paschtouer: Wat?

Tilly: Wéi soll ech soen, sou e waarme Brudder, eng Fummel Tatta, sou en Hannenerëm. Der wësst schonn E klappt gären deenen aneren op den Hënner.

Paschtouer (*haart*) Also ech muss soen. (*packt d' Tilly um Ouer an zitt et u sech erun*) Ech mengen et gëtt Zäit, dass een Aech emol nees op den Hënner klappt. (*béid no lenks fort*)

Optritt 3 **Claude, Auguste**

(*Claude kënnt vu riets op d' Bün. En huet laang Hoer*)

Claude: Eu? War dat nët d' Stëmm vun Paschtouer Jovial (*entdeckt de Bréif um Dësch*) Hei kuck do, e Bréif fir mech. (*wonnert sech kuerz*) Wat? Deen ass schonn op? Vun der Tatta Elise... (*iwwerleet*) Ach jo, Tatta Elise, deemools huet se maer e "Mensch ärgere dich nicht" geschenkt. (*iwwerleet nees*) Allerdéngs ouni Würfel. Würfel a Kaarten waren fir d' Elise eppes Béises, Wéi sot si ëmmer: (*verstellt seng Stëmm*) Jong, Würfel a Glücksspieler huet den Däiwel erfonnt (*liest weider*) oh.... d' Tatta wëll heihinner kommen.

(*Den Auguste flucht an engem Stéck a kënnt vun lenks op d' Bün*)

Auguste: (*rosen*) Wien huet den Tank vu mengen Auto elo nees eidel gefuer?

Claude: Ech sécher net. Ech hunn e Vëlo.

Auguste: (*streng*) Mond halen a nolauschten! Kanns du dech nach un d' Tatta Elise erënnere?

Claude: Jo sécher!

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Auguste: Si wëll heihinner kommen fir Daer ze soen, dass du hiren lewe solls sinn.

Claude: Ech weess, ech hunn hire Bréif gelies.

Auguste: (*entsat*) Wat? Nach ni eppes vun engem Bréifgeheimnis héieren?

Claude: Jo! Ech schonn....

Auguste: Egal... Jong lauschter maer emol gudd no. Ech kann net mat allen d' accord sinn, wat (*zéckt*) ähm, a mat wiem du et dreifs.

Claude: Boah, Pappa ...!

Auguste: Wann dat hellegt Elise kënnt, dann däerf dat op alle Fall näischt vun denge (*zéckt*) Neierungen matkréien. Soss spent hat wouméiglech dat ganz Geld. Verstees de?

Claude: Ah... da soll de schwule Jong der Tatta eppes virmaachen.

Auguste: Géi emol fir d' éischt bei de Coiffeur a looss der deng Hoer schneiden a dann behëls de dech wéi e richtige Mann

Claude: (*schwätzt absichtlech "schwul"*) Ah, a wéi geet dat?

Auguste: (*panesch*) Oh Gott, oh Gott.

Optrëtt 4 Paschtouer, Auguste, Claude

(*de Paschtouer Jovial kënnt vu lenks op d' Bün*)

Paschtouer: Gudde Moien der Herrschaften.

Auguste: Aech schéckt den Himmel. An der haiteger Zäit ass et net schlecht d' Kierch virun Aen ze hunn.

Paschtouer: Virun Aen?

Auguste: Ähhhh ... ech mengen hannert sech

Paschtouer: Ah jo. A wéi kann ech hëllefen?

Auguste: (*iwwerleet*) Hëllefen? Jo genau ... Haer Paschtouer. Wéi steet d' Kierch zu gläich-geschlechlechen Bezéiungen?

Paschtouer: Nu jo, maer gehéieren all den Haer. An den Haer ass mat jidderengem frou.

Auguste: Hal de Mond a lauschter no.

Claude: Dat ass maer ze vill. Ech ginn a meng Kummer. (*geet no riets fort*)

Paschtouer: Wann ech gelift, wann ech gelift, kee Kaméidi ...

Auguste: Haer Paschtouer, wéi kënn Daer maer hëllefen (*iwwerleet*) ... deen dämoneschen Däiwel aus dem Claude erauszedréien?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Paschtouer: (*onsécher*) Schwätz Daer vun Exorzismus?

Auguste: (*huet keng Anung*) Ex or äh ... wat ...? Nennt et wéi der wëllt. Wann ech gelift hëlleft maer a mengem Jong zu engem Mann ze verwandelen deen op Frae steet.

Paschtouer: Verwandelen?

Auguste: Keng Anung ... Gëtt et do net e Gebiet oder eng "Reinwaschung" am Weiwaasser? Gëtt et eppes esou Ähnlech?

Paschtouer: Et deet maer leed, Haer Wegener. Esou ass d' Natur ... wann ech bieten, bieten ech och fir Aech an är Famill. Méi kann ech net maachen. An ech ginn Aech nach e gudde Rot: Këmmert Aech net ëm dat wat vu Natur aus esou ass, an och net ëm d' Saachen vun anere Leit, och wann et sech hei ëm äre Bouf handelt. (*geet no lenks*) Ech kommen der Deeg nach eng Kéier laanscht. Am Ablack fillen ech mech hei net wuel

Auguste: (*onwuel*) Mee Haer Paschtouer. Der sot näischt vun eisem Gespréich? Daer wësst är Haushälterin Tilly ...

Paschtouer: Keng Angscht mäi Jong. Dëst Geheimnis ass bei maer a beim Haer. (*weist no uewen*) Do uewen ass alles sécher.

Auguste: (*kuckt no uewen*) Welchen Haer do uewen? Maer hunn do uewen jo guer net ausgebaut a scho guer net verlount?

Paschtouer: (*rësel de Kapp an zum Publikum*) "Selig die Armen im Geist, denn Ihnen gehört das Himmelreich". ...

Auguste: Wat gelift?

Paschtouer: Ech menge mat deem Haer do uewen natierlech eisen Herrgott. Egal, ech ginn elo an denkt u meng Wieder. Sou ass et halt an der Natur ... (*no lenks fort*)

Beno: (*mécht de Paschtouer no*) Sou ass et halt an der Natur ... (*iwwerleet*) Jo genau. Wou de Glawe net weiderkënn do hëlleft d' Schoulmedezin (*hëlt den Telefon a wielt eng Nummer*) Madame Dokter Schmit? Hei ass de Auguste Wegener. Kommt direkt bei mech op den Haff, et ass eppes Schrecklech geschidd. Ech brauch direkt är Hëllef. (*hänkt an, fëllt d' Drëppeglas a waart*)

Optrëtt 5 Romaine, Auguste

(*et héiert ee Pneuen déi quiitschen a gackernd Hénger. D' Romaine kënnt vu lenks op d' Bün, Si dréit eng éischt Hëllefposch an ass ganz ausser Otem*)

Romaine: Wou ass dee Verletzten?

Auguste: (*ganz roueg*) Ma sëtzt Aech dach. (*bidd hir eng Plaz um Stull un*)

Romaine: (*haart*) Wat gelift? Geet et hei net ëm e Noutfall?

Auguste: Dach! Et ass e Noutfall. Mee loosst mech et fir d'éischt erklären! Et geet ëm mäi kranke Jong.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Romaine: O Gott. Wou ass en?

Auguste : Ween?

Romaine: Äre Jong.

Auguste: Keng Anung.

Romaine: Wéi soll ech him dann hëllefen?

Auguste: Der sollt an éischter Linn maer an dann him hëllefen. Sëtzt Aech dach, a lauschtert maer no.

Romaine: (*streng*) Dat heescht ech sinn op mengem fräie Nomëtten wéinst näischt op der Tut a wéi e Verréckten duerch d' Duerf gerannt, hunn dem Paschtouer Jovial d' Virfaart geholl an hunn op den obszöne Geste vu senge Härekächin Tilly (*mécht se Stinkefanger*) op eng obszön Aart a Weis reagiert?

Auguste: Also ech fannen, schonn aleng dat lescht war et derwäert.

Romaine: (*sëtzt sech an fett sech eng Drëpp an*) Roueg Romaine, ganz roueg ... (*drénkt d' Drëpp*) Sou sinn di Baueren ... (*masséiert sech d' Schläfen*)

Optritt 6 **Ketty, Romaine, Auguste**

(*D' Ketty kënnt vun hannen op d 'Bün*)

Ketty: O gudde Moien Madamm Dokter. Ass eppes geschitt?

Romaine: Jo äre Mann ass verréckt ginn.

Ketty: Dat ka net sinn, dat war den nach ëmmer.

Auguste: (*zum Ketty*) Gelift? Lo muss ech mech wonneren. Manéieren hunn ass wuel eng Glécksaach (*zum Romaine*) Madamm Dokter, lauschtert maer no, Daer musst eis hëllefen.

Romaine: Eis? Bei wat?

Auguste: Madame Dokter et geet ëm eise Jong. Wéi soll ech et soen (*onsécher*) ähm Eise Bouf ass krank.

Romaine: Ass et eppes Eeshtes ...

Ketty: (*haart*) Wat ... ?

Auguste: Beroueg dech Ketty,. Looss mech dat maachen also. Eise Bouf huet aner Interessen wéi d' Natur et virgesinn huet.

Romaine an Ketty: (*mateneen*) Gelift?

Auguste: Wéi soll ech et soen ... (*iwwerleet*) Lo weess ech et. Viru Joren hate maer emol esou e jonke Béier, säin Numm war Hans. Et war e prächtegt Déier. Mee säi Problem war, dass hien vu eise Séi näischt wësse wollt. En ass di ganzen Zäit eisem ale Béier Pol nogesprong an huet versicht deen ze decken,

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwten, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Ketty: *(ass d' Saach onangeneem)* Auguste, et ass elo gudd.

Romaine: Haer Wegener ech mengen ech hunn Aech verstanen, mee wat soll ech do maachen?

Auguste: Ma jo, mäi Béier Hans hunn ech missen erschéissen ... *(eescht)* Madamm Dokter wat huet d' Schoumedezin do esou am Gepäck?

Ketty: Lo geet et awer duer, de Claude ass net schwul.

Romaine: Haer Wegener, Madame Wegener, Lo lauschtert maer emol no: Homosexualitéit ass eppes ganz Normales, äre Jong ass ganz normal. Ech mengen Daer musst Aech, falls dat de Fall ass, domadder ufrënnen. Äre Jong ass wéi en ass. Di modern Medezin kann do näischt maachen.

Auguste: Ass dat well maer kleng Leit sinn?

Romaine: Ganz bestëmmt net?

Auguste: Also, ech mengen wann den Elton John oder de Bill Kaulitz gären e Mëttelchen hätten, da géif der deenen direkt eng Ordonnance schreiwten.

Romaine: Daer sidd krank. *(wëll goen)*

Auguste: Halt waart nach, dat Geheimnis ass jo sécher bei Aech?

Romaine: Kenn der den Eed vum Hippokrates?

Auguste: *(iwwerleet)* De Griech zu Arel?

Romaine: Der mengt de Restaurant Zorbas. *(réselt de Kapp)* Mee der kënnt berouegt sinn, iwwer dat wat maer hei geschwat hunn, doriwwer däerf ech als Dokter näischt weidersoen. *(wiesselt d' Thema)* Ouh an elo muss ech mech beim Paschtouer Jovial entschëllegen. Haer Wegener, nach e schéinen Dag, Madame Wegener, der ditt mer onendlech leed *(geet no lenks fort. Si vergësst hir Posch)*

Ketty: *(haart)* Bass du verréckt ginn? D' Madamm Dokter Schmit heihinner ze ruffen. Wee kënnt duerno? De Paschtouer Jovial?

Auguste: *(lues)* Nee, ... dee war schonn hei

Ketty: *(jäizt)* Wat ... ! Da weess och sécher d' Tilly vun denge Virstellungen?

Auguste: Beroueg dech! *(verleeën)* De Paschtouer wollt et just dem Herrgott erzielen.

Ketty: Bass du verréckt? Wat soll dee ganzen Theater iwwerhaupt?

Auguste: Stell der vir: Wann d' Elise matkritt, dass eise Bouf schwul ass, da gëtt et näischt aus dem ville Geld. Du weess dach wat se virdrunner een opgefouert huet, wéi dat mam Heini eraus komm ass ...

Ketty: Stëmmt. Si huet deemools all Woch 5 Bréiwer un de Vatikan geschriwwen a sech fir d' Doudesstrof bei gläichgeschlechtliche Bezéiungen agesat ... *(iwwerleet)*. Mee mengs du, dass eise Jong wierklech

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Auguste: *(wëll d' Ketty berouegen)* Ech wëll just zu 100 % sécher sinn, dass ech, ähhhh ... de Claude d' Geld och wierklech kritt. An do passt maer all Mëttel.

Ketty: Hues du da schonn mam Claude geschwat?

Auguste: Jo!

Ketty: An?

Auguste: Ech si maer net sécher, mee ech hat d' Gefill, dass him alles egal ass.

Ketty: An elo?

Auguste: Et misst een iwwerleeën wat ee mécht, am Beschte kann ech am Stall nodenken. Komm mat Ketty, villäicht fällt eis jo do eppes an. *(béid ginn no hanne fort)*

Optrëtt 7 **Claude, Paschtouer, Tilly**

(de Claude kënnt vu riets op d' Bün. En huet eng Zäitschrëft an der Hand)

Claude: Endlech sinn se all fort... nee wat ka Rou esou schéin sinn. *(geet zum Frigo an hëlt eng Fläsch Cola, setzt sech un den Dësch a studéiert d' Zäitschrëft iwwerdeems de Paschtouer an d' Tilly vu lenks op d' Bün kommen)*

Paschtouer: Nach eng Kéier gudde Moien.

Tilly: *(virwëtzeg)* An? ... Blieders de an de Kontaktannoncen?

Paschtouer: *(streng)* Tilly. *(zum Claude)* Léiwe Claude ... wéi schéin ass et, dech emol nees ze gesinn. Ech ka mech gudd erënneren, wéis du als kleng Bouf bei de Massendénger waars. Wéi geet et Daer?

Claude: Maer geet et tiptopp.

Tilly: Gewass. D' Madame Dokter huet eis dach elo grad gesot, dass hei ee krank ass.

Claude: Dat ass bestëmmt de Papp.

Paschtouer: Ah däi Papp ass krank. Dat deet maer awer Leed. Tilly, kënn der eng Kéier aus dem Zëmmer goen. Ech muss eppes mam Claude ënner 4 Aen schwätzen.

Tilly: Ongär. *(geet no lenks fort)*

(De Paschtouer geet bei di lenks Dier a mécht déi op, Et gesäit een, dass d' Tilly un der Dier gelauschtert huet an wéi Dier opgemaach gëtt op d' Bün fällt).

Tilly: *(peinlech betrafft)* All Kéier dat selwecht mat Aech Haer Paschtouer

Paschtouer: Jo Tilly ëmmer dat selwecht ...

(D' Tilly geet no lenks fort)

Claude: Wat hu maer dann Haer Paschtouer?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Paschtouer: Maer huet en Engel geflüstert, dass sech geschwënn eppes an Ärem Haus verännere wäert. A well ech dech fir de gebilte Mann hei am Haus halen, wollt ech dech froen, ob d' Kierch also ech.... ähm.... eppes un dengem Gléck ofkréien kéint?

Claude: Ah Daer mengt ... *(reift seng Fangeren als Zeeche fir Geld)*

Paschtouer: Ganz richtig ...

Claude: Sot emol, weess de Bëschof iwwerhaapt wat Daer esou dreift?

Paschtouer: *(onangeneem)* Wéi..... wat ... ähhh... Bëschof?

Claude: Ma der spekuléiert op den Dout vun engem deen ëmmer an d' Kierch gaangen ass

Paschtouer: *(nach méi onangeneem)* Doud... wien? Ech? Nee! *(mécht e Kräiz-zeechen)*

Claude: Éischtens, d' Tatta Elise ass nach um Liewen an de Herrgott weess aleng wéi laang nach an zweetens: Kee Mënsch weess wat d' Elise wierklech hei wëll. Villäicht wëll se just op Besuch kommen.

Paschtouer: Di ganz Situatioun ass maer elo awer ze penibel, ech mengen et ass besser nees ze goen *(geet schnell no lenks fort)*

Claude: Dat mengen ech och! Fräck ...-. Lo ass der Giedel hire Bréif nach keng 2 Stonnen hei, a schonn steet deen éischte fir Geld an der Dier. Sou ... ! Elo wëll ech awer gäre wëssen wat Saach ass. *(hëlt de Bréif vun der Tatta, geet bei den Telefon a wíelt eng Nummer)* Jo, de Claude Wegener, *(méi haart)* de Claude Wegener! Däi Pätterchen *(Paus)* Jo genau. *(Paus)* Wéi? Do hat schonn een ugeruff? Wee war dat dann? *(Paus)* D' Tilly, dem Haer Paschtouer seng Haushälterin ... *(Paus)* Alles kloer. ... so Elise, däi Bréif dréift d' Leit hei all an Oprou. Wat wëlls Du maer matdeelen? *(Paus)* Ah esou ass dat. Wéi schéin fir eis! So Elise, wat has de dem Tilly erzielt? *(Paus)* Ganz gudd! Elise, ech freeë mech op däi Besuch, Bis Muer. Äddi. *(leet op)* Net ze gleewen. Do huet jo tatsächlech d' Tilly op Antwerpen ugeruff fir méi gewuer ze ginn. Nee, déi virwëtzge Kou veraarschen ech elo richtig. *(hëlt de Telefon, wíelt eng Nummer a verstellt seng Stëmm)* Gelobt sei Jesus Christus, schéine gudde Moien. Ech sinn et nees d' Elise de Wilde d' Anvers. *(Paus)* Jo et ka gudd sinn, dass et sech ewell e bëssen anescht unhéiert, der wësst di lang Leitung vun Antwerpen. Madame Tilly, ech hu maer et iwwerluet. Ech wäert mech gudd spendabel géigeniwwer der Por weisen. *(Paus)* Ah, ... nach eng Spend? *(Paus)* Fir Aech privat. *(Paus)* Well de Paschtouer esou schlecht bezilt. *(Paus)* Ma natierlech. Ech hëllefen dach wou ech kann. Ech freeë mech schonn op äert Gesicht Äddi *(ka sech vu laachen bal net mei packen. Leet den Hörer op a schwaetzt a normaler Stëmm)* ... ass dat domm. *(riets fort)*

Optritt 8 **Auguste, Romaine**

(den Auguste kënnt vun hannen op d' Bün)

Auguste: Wat soll ech nëmme maachen, wat soll ech nëmme maachen? *(gesäit d' Zeitung)* Wat hu maer dann do? *(liest)* Ah Kontaktannoncen ... "Frau sucht Mann mit Pferdschwanz, Frisur egal"... Et ginn awer och Leit. *(Paus)* Hei dat ass et dach: "Die heisse Dolly mit grossen Brüsten wartet auf den richtigen Mann. Ruf mich an und lass dich verwöhnen ... Haus und Hotelbesuche *(denkt no)* Richtige Mann? Hausbesuche? Dat wier dach e Versuch wert. *(grübelt weider)*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

(Romaine kënnt vun lenks op d' Bün)

Romaine: Rebonjour. An der ganzer Opreegung hunn ech meng Wallis vergiess. Ah do ass e jo.

Auguste: Madame Dokter, just nach eng medezinesch Fro. *(iwwerleet)* Wéi soll ech et soen

Romaine: Oh Gott, wat kënnt elo?

Auguste: Erënnert Daer Aech un d' Geschicht mam Béier Hans?

Romaine: Un déi Geschicht wäert ech mech bis u mäi Liewensenn erënneren.

Auguste: Gutt! Ugeholl ech hätt de Béier net erschoss, mee zu enger Sau vum Fach bruecht.

Romaine: *(ënnerbrécht)* Eng Sau vum Fach?

Auguste: Jo. Der wësst schonn! Eng Sau vum Fach ... vum eelste Beruff vum der Welt ... vum horizontale Geschäft. Daer wësst schonn ... also wann ech den Hans mat esou enger Sau zesummebruecht hätt, bestéing dann, also reng theoretesch, d' Méiglechkeet, dass hien seng Neegungen géinnert hätt?

Romaine *(geet op en zou, hält säi Bols, fillt en un der Stier a liicht him mat enger Täscheluucht an d' Aen)* Huel Daer Drogen?

Auguste: *(haart)* Nee!

Romaine: Dann haucht mech emol un.

Auguste: *(haucht si un)* Häääää hhhh ...

Romaine: Wéi ech geduecht hunn. Daer hutt e Fändel.

Auguste: Pardon! Dat ka jo mol geschéien. Also Madame Dokter, ech mengen Der hutt meng Fro verstanen: Wéi ass et? Hätt de Claude ... ähhh den Hans, natierlech den Hans seng Drif ännere kënnen?

Romaine: Wéi ech scho virrunner gesot hunn: Daer sidd krank. Hei ass d' Visittekaart *(gëtt him eng)* vun enger Kolleegin vu maer. Déi raumt Aech de Späicher? Äddi *(ass mat der Wallis no lenks fort)*

Auguste: *(liest d' Visittekaart)* Prof. Dr. med. Christine Sorgenfrei. Fachaerztin für Psychologie, Neurologie und Akupunktur *(iwwerleet)* Akupunktur? Dat wier dach d' Léisung *(iwwerleet)* Mee wou stécht déi d' Nolen hin? *(iwwerleet a packt sech un säi Gemäsch)* O nee, aleng schonn dee Gedenken, Nee. Dat kann ech dem Claude net undoen.

Optrëtt 9 Ketty, Auguste

(d' Ketty kënnt vun hannen op d' Bün)

Ketty: Ass Daer scho nees eppes agefall?

Auguste: Ech iwwerleeën an all Richtungen. Dat kanns de maer roueg gleewen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Ketty: Maer sollten einfach bei der Wourecht bleiwen.

Auguste: Hues di se nach all? Virrunner tauschen ech mäi Bouf léiwer aus (*iwwerleet wat e gesot huet. Duerno kënnt en op eng Iddie*) Firwat net? Jo genau, dat ass et. Maer besuergen eis einfach een deen während dem Elise hirem Besuch de Claude spillt. Villäicht een hei aus der Theatergrupp. Déi solle ganz gudd sinn!

Ketty: Jo... mee déi drénke vill!

Auguste: Stëmmt! Mee wien da soss? (*iwwerleet*)

Ketty: Ech weess et och net.

Auguste: Ech fueren emol an den Duerfcafé. Do sëtzt sécher een vun der Duerfjugend.

(*den Auguste geet no lenks fort*)

Ketty: Dat ass dach nees esou eng vu senge verréckten Iddien. Wéi kënnt hien nëmmen op esou eppes (*hëlt d' Drëppefläsch a kuckt se*) A jo, do war dach eppes ...

Optrëtt 10 Claude, Ketty

(*de Claude kënnt vu riets*)

Claude: Wat ass dann hei lass? Drénks de? Matzen am Dag? Wou ass de Papp?

Ketty: Am Café.

Claude: Fräck, matzen am Dag ... de Papp am Café an d' Mamm mat der Drëppefläsch am Grapp. Muss ech maer Suergen maachen?

Ketty: Wat e Quatsch, Ech raumen hei just. (*stellt d' Fläsch an de Frigo*) Sou Bouf, lo schwätze maer emol Kloertext. De Papp an ech maachen eis Suergen. So maer elo wann ech gelift d' Wourecht. Stees du op Männer? Bass du schwul?

Claude: Ech ... ? Quatsch!

Ketty: Wierklech! Jong du solls wëssen, dass ech ëmmer op denger Säit sinn. Egal ëm wat et geet.

Claude: Mamma fir mech ass et de gréisste Spaass dem Papp dee schwule Student virzespillen. Méi ass et net.

Ketty: Méi ass et wierklech net?

Claude: Nee Mamm. Du brauchst der ëm mech keng Gedanken ze maachen.

Ketty: Wat e Gléck. Claude, de Papp dréint scho nees duerch.

Claude: (*schwätzt absichtlech "schwul"*) Bauer bléift Bauer... (*D' Ketty kuckt de Claude streng*) Mamm, dat ass just Spaass. (*laacht*) Hues du eigentlech nach eppes am Stall ze dinn? Soll ech Daer beim fiddere hëllefen?

Ketty: Ma gären.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

(Béid ginn no hanne fort)

Optrëtt 11 **Auguste, Majouer Schulz**

(Den Auguste kënnt vu lenks op d' Bün)

Auguste: *(rosen)* Also wierklech, den Tank ass nach ëmmer eidel. Hei muss een awer och alles selwer maachen.

(de Majouer Schulz kënnt vu lenks op d' Bün. En huet en Tarnkostüm mat Bäri a Rucksak)

Majouer: Gudde Moien.

Auguste: *(erféiert)* Merde. *(jäitzt)* Ketty! D 'Russe kommen ...

Majouer: Keng Panik. Ech si Majouer vum Härebierg.

Auguste: Och net besser

Majouer: Sot emol: Ech hunn héieren, Daer wäert de Propriétaire vum Stéck Bësch südlech vu Tënten westlech vun Leesbéch *(Numm vum Nopeschduerf)* Stëmmt dat?

Auguste: Jo dee ganze Bësch gehéiert maer.

Majouer: Da stellen ech mech kuerz vir *(militäresch zackeg)* Majouer Martin Schulz, Kompaniechef vun der véierter Panzer-genadéier-kompanie. Éischt Brigade, zweete Batallion. Ech leeden dat Manöver wat hei stattfënnt. Ech hu wëlles dëse Bësch mat an eis Übungen anzebezéien. Selbstverständlech gi der fir eventuell Schied vun eiser Arméi entschiedegt

Auguste: *(iwwerleet)* Eng Entsiedegung déi sech gewäsch huet? *(iwwerfrëndlich)* Ma sëtzt Aech dach. Kann ech Aech eppes fir ze drénken offréieren? *(béid sëtze sech)*

Majouer: Nee merci *(iwwerleet)* Oder eventuell awer? *(kuckt sech ëm)* Wësst der d' Verpflegung am Feld, och fir eis Offizéier ass äussert rudimentär. Also einfach gesot Ech kann dat Béchsefudder net méi gesinn.

Auguste: Ah.... der hätt gären eppes fir z' iessen?

Majouer: Oh ... lessen! Dat wier schéin *(schwäermt a vergësst sech ganz do derbäi)*. Gereecherte Speck, e halleft Hunn, wann et geet och e ganz. Hausgemaache Bulletten. Salami a Mettwurstchen. Ham, agelueden Hierken, Pâté, frësch Jagdwurst OHHHHH. Gebootschte Grompere mat Crème fraîche, do derbäi nach e Pain Campagne mat engem Spigelee. Mhhhhh. *(lo nees eescht)* Ähhh jo. Eppes fir z' iessen, dat wier schéin.

Auguste: A wat ass fir mech do dran? *(reift sech seng Fangeren als Zeechen vu Geld)*

Majouer: Der kënnt vu maer hunn wat der wëllt.

Auguste: Wat ech wëll? *(iwwerleet)* Haer Majouer, ech brauch en Zaldot.

Majouer: Wat? En Zaldot?

Auguste: Just fir 2-3 Deeg. Am Tosch do derzou kritt der mäi Bouf.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Majouer: Äre Jong?

Auguste: Wësst der, di Saach ass esou (*erkläert dat ganz wéi zu engem Klengen*) Mäi Bouf ass schwul. Muer kënnst eng räich Tatta déi dat net wëssen däerf. Si kennt de Neveu guer net. De Papp vum Schwule Jong, also ech tauschen deen mat engem vun ären Zaldoten aus, an de Majouer... also der kritt als Géigeleeschung eppes Anstänneges fir z' iessen.

Majouer (*iwwerleet kuerz*) Ech mengen ech hunn do dee richtegen a menger Kompanie. Den Zaldot Ryan. De Jong huet fréier schonn eng Kéier zu xxx (*Duerf wou gespillt gëtt*) an engem Theaterstéck matgespillt.

Auguste: (*ofwäertend*) xxx (*Duerf*) hu der kee Besseren?

Majouer: Ech menge net.

Auguste: Gudd, dat ass besser wéi näischt.

Majouer: Huet äre Bouf um Härebiereg eng Formation krut?

Auguste: Leider nee.

Majouer: Egal... fir zwee Deeg wäert et wuel goen. Ech wäert mech perséinlech ëm e këmmen.

Auguste: Ganz gudd. Sidd och richtig graff mat hin Keng Extrabehandlung a keng Extrawurscht. Sou e raut Liewen am Bësch deet him sécher gudd.

Riddo

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstéck
"E Kouhandel mat Problemer"*

**Wëll Dir dat ganz Theaterstéck liesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.**

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstéck

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouf per Post oder Zousaatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstéck gefalen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.

www.mein.theaterverlag.de

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280

e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de – www.nrw-hobby.de